ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Nom Match géint d'Tierkei, den 11. Juni 2022, ass et zu ville Kritike komm, wat d'Sécherheet am a ronderëm de Stadion ugeet. Et war eng ganz hëtzeg Atmosphär, mat enger ganzer Parti Tëschefäll, déi fir vill Diskussioune suergen. Ee grousse Kritikpunkt vun den Zuschauer, déi op der Plaz waren, war, dass d'Supporter vun deenen zwou Equippen net getrennt waren, sou wéi dat am Ausland bei esou Matcher üblech ass, fir Provokatiounen a Gewalt ze verhënneren.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un de Policeminister:

1) Wéi eng Roll spillt d'Police bei sou Matcher?
2) A wéi enge Fäll gräift d'Police bannent dem Stadion an?
3) Wei stinn déi Verantwortlech zu enger Trennung vun de Supporter bei Risikomatcher, wéi dat am Ausland de Fall ass?
4) Wat fir verschidden Astufunge gëtt et fir Risikomatcher? Ween decidéiert dat?
5) Wéi war de Match géint d'Tierkei agestuuft? Wat waren d'Grënn dofir?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten